PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An menge parlamentaresche Froen n°895 a 4282 hat ech de Gesondheetsministère op Ruptures de stock vu medezineschem Cannabis opmierksam gemaach. Deemools gouf wéinst dem Manktem u Cannabis um Maart deelweis entscheet, fir kengen néie Patiente méi ee Cannabis-Traitement ze verschreiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn d'Dokteren an d'Apdikten am Viraus informéiert, wann sech eng Penurie u Cannabis undéit?
   Ginn d'Patienten am Viraus iwwert eng méiglech Penurie informéiert?
   Falls net, ass geplangt dës Acteuren an Zukunft méi fréi iwwert Ruptures de stock z'informéieren?

2. Sinn d'Apdikten an d'Doktere schonn iwwert d'Resultater an d'Konklusioune vun der Pilot-Phase informéiert ginn?

3. Laut DPM (Division de la Pharmacie et des Médicaments) ginn d'Cannabis Produiten op hir Qualitéit a Sécherheet vun de Santésautoritéite kontrolléiert.
   Wien féiert dës Kontrollen duerch?
   No wéi enge Krittäre ginn dës Produite kontrolléiert?
   Mat wat fir enger Frequenz ginn dës Kontrolle gemaach a wéi vill Kontrollen si bis elo duerchgefouert ginn?
   Wat waren d'Resultater vun dëse Kontrollen?
   Ginn d'Dokteren an d'Apdikten iwwert d'Resultater vun dëse Kontrollen informéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député